



N° 7237
Entrée le 24.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.11.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

D' Museken an de Museksunterrecht hunn eng wichteg Plaz an eiser Gesellschaft. Vill Gemenge sinn houfreg op hir Museken an hir Museksschoulen. Net all Schüler, deen an de Solfège geet oder ufänkt en Instrument ze léieren, mëscht awer seng Coursë fäerdeg.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Schüler hunn d'Muséksschoul, also entweder de Solfègen oder den Instrumentenunterricht, an deene leschte 5 Joer ugefangen (opgelëscht no Joer)?
2. Wéi vill Schüler hunn d'Museksschoul, also entweder de Solfège oder den Instrumentenunterricht, an deene leschte 5 Joer no deenen éischten 3 Méint ofgebrach (opgelëscht no Joer)?
3. Wéi vill Schüler hunn d'Museksschoul, also entweder de Solfège oder den Instrumentenunterricht, säit September ofgebrach?
4. Huet de Minister Informatiounen zu de méigleche Grënn, firwat esou vill Schüler ofbriechen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten





**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 7237 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

Ad 1) an 2)

De Museksunterrecht am kommunale Secteur gëtt vun de Gemengen/Gemengesyndikater organiséiert. Virum Akraafttriede vum neie Museksunterrechtsgesetz (*Loi du 27 mai 2022 portant organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal*) gouf et keng gesetzlech Basis fir en obligatoreschen Informatiounsaustausch tëscht de Gemengen/Gemengesyndikater an dem Ministère, a Bezuch op Schülerinnen a Schüler, déi am Laf vum Joer mat engem oder méi Coursen opgehalen hunn.

Ad 3)

Tëscht dem 15. September an dem 15. November 2022 hunn d'Gemengen/Gemengesyndikater an der informatescher Datebank (déi speziell fir de Museksunterrecht entwéckelt gouf an déi hir gesetzlech Basis am uewegenannte Gesetz huet), vun insgesamt 34.675 Aschreiwungen an den ënnerschiddleche Coursë landeswäit, der 2.197 als „Abandon“ agedroen (ronn 6,33 %), wou d'Schülerin oder de Schüler deemno mam Cours opgehalen huet.

Ad 4)

Den Educatiounsministère huet keng Donnéeën zu de Grënn, déi zu engem Ophale vun de Musekskursë gefouert hunn. Déi Grënn kënnen ganz ënnerschiddlech a villfälteg sinn a berouen op enger perséinlecher Entscheedung vum Schüler oder vun den Elteren. Et sief ënnerstrach, datt d'Aschreiwen an de Museksunterrecht fräiwëlleg ass.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH